N°1989
Entrée le 28.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Inneminister op d'parlamentaresch Fro n°1989 vum 27. Februar 2025 vum Här Deputéierten Alex Donnersbach.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zum Radar um CR181 am Agang vun Bäreldeng.

Zanter der Installatioun vum fixe Radar zu Bäreldeng goufe 34.295 Gefierer geblëtzt.

Dobäi goufen 29.886 Avertissements taxés (AT) vun 49 EUR an 1.043 AT'e vun 145 EUR (mat ggf. engem Retrait vun 2 Punkten um Permis) ausgestallt. Dozou kommen dann nach eventuell Strofen, déi vun de Geriichter verhaange goufen am Fall vun engem Délit de grande vitesse.

Dësen Typ vun automateschem Radar ass net dofir ausgeluecht fir Duerchschnëttsvitessen ze rechnen.

Déi héichste Vitess, déi zu Bäreldeng gemooss gouf, louch bei 129 km/h.

Betreffend de Conclusiounen, déi aus dësem Typ vu Radar gezu kënne ginn, ass et wichteg déi gesammelt Donnéeën an Erfarungen aus der Praxis nach weider ze evaluéieren.

Generell dréit ee Radar an enger Uertschaft dozou bäi, dass déi maximal erlaabte Vitess vun den Automobilisten*innen besser respektéiert gëtt. Et sief ze betounen, dass de Radar net Léisung bei all Situatioun ass. Och baulech Mesure sollten an d'A gefaasst ginn, fir den*d'Automobilist*in zum Anhale vun der maximal erlaabter Vitess ze sensibiliséieren.

Ausser dem Rout-Luucht-Radar an der Polvermillen deen 2023 decidéiert ginn ass, ass aktuell keen zousätzleche Radar bannent enger Uertschaft geplangt. D'Aarbechten ginn awer eréischt lancéiert, soubal de Projet vun der Vëlospist op dëser Plaz weider geet.

Generell gi Radaren op Plazen opgestallt, déi sech bei Analyse vum Stroossereseau als besonnesch geféierlech, well do héich Vitesse gefuer ginn a well vill a schwéier Accidenter an der Vergaangenheet do geschitt sinn, erwisen hunn. Den Aarbechtsgrupp "Audits de Sécurité" befaasst sech reegelméisseg mat dësen Analysen. Sollt do eng Plaz als besonnesch geféierlech opfale gëtt gekuckt, ob duerch baulech oder reglementaresch Mesuren dës Plaz méi sécher ka gemät ginn. Eng vun de méigleche Mesuren als Resultat vun dësen Analyse kann awer och sinn, dass den Aarbechtsgrupp d'Opstelle vun engem neie Radar op dëser Plaz recommandéiert, op Inneruerts oder Ausseruerts.

Lëtzebuerg, den 28. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes